1

**Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRESENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DEPORTES MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS – L'AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW – L'ASSOCIATION DES ENROLES DE FORCE VICTIMES DU NAZISME – L'ASSOCIATION DES SURVIVANTS DES ENROLES DE FORCE

Organe officiel: **«Les Sacrifiés»** Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
**1024 LUXEMBOURG-GARE**

Compte chèque postal No 313 29

Garnich 23.6.89.

~~**Luxembourg, le**~~
~~9, rue du Fort Elisabeth~~

Här Minister,
Dir Hären Burgermeschter,Schäffen
a Conseilleren,-Här Paschto'er,
Lew Frönn vun der Resistenz,
Dir Dammen an dir Hären,
Lew Komerodinnen a Komeroden.

Als Member vum Nationalcomité vun der Fédération des Victimes du Nazisme E.d.F., hun ech d'E'er an d'Mission, haut eise Komerod a President ,Jos Weirich, dien am Ausland ass, ze vertrieden

Et ass eise Kom~~w~~roden Zwangsrekrute'erten, vun der Sektion Réunie Sud Ouest, hech unzerechnen an ech muss Sie félizite'eren dass Sie et ferdeg bruecht hun, fir mat den respektiven Gemengeverwaltungen, eng vun hinnen entweckelt Idee, ze réalise'eren. Et ass haut hei zu Garnech, wo' eng Serie vun 4 analoguen Feierlechketen ôfgeschloss göt an am Num vun menger Féderation, sôen ech der Gemeng Garnech en herzleche "Merci" fir hiert Entgentkommen.

Dös apart Inauguration an Commémoration um Nationalfeierdâg am Jubiläumsjôer vun e~~ise~~/ 15o Anniversaire vun eiser Onofhängegket an 25 Jôer Avènement vun eisem Grand Duc, hät ken besseren Cader , fanne können.Et könnt en vielleicht nach drun erönneren dass den läschten Weltktich virun 5o Jôer ugâng ass an dass eis Land virun 45 Jôer libere'ert guef.

Dir sent haut ~~eng Zwangsrekrute'erteplätz an op der Dir~~ e ~~Ste~~ HEI AN DER RUE d. SACRIFIÉS GEDENK-Sten an ~~opgericht huet~~, versin mat enger bronze Plaque, op der Dir dene Leit Merci sôt, de' am Krich önner Liewensgefôr, de Jongen gehollef hun.

Bei so' Gele'enheten kritt en forcement d'Frô gestallt: Virwâ dann haut nach dorun erönneren, huet dât dan nach e Sönn.? Et geng mir Led din wann dât alles ken Sönn me hätt an un eppes erönneren, wât eng ganz Generation fir hiert Liewe gezechent huet, eppes wât mir nie können an därfen vergiessen, dofir ass e et nie ze spe't.

De Problem vun der Zwangsrekrute'erung hei zu Letzeburg war nöt nömmen eng selekt Ugele'enhet oder eng Affaire fir enzel Leit oder Gruppen, mais hei zu Letzeburg guef hien zum Problem vun der ganzer Nation gemâch. De direkt Betraffen hâten weider neischt derzo' beigedrôen ass we' dass Sie töschent 192o an 27

gebueren wâren.Mat hinnen hun nöt nömmen hier Familjen gefillt, mais hannerun hinnen stong d'ganz Population.

D'E.d.F. gin vielleicht och nöt ömmer richteg verstânen oder Sie drecke sech nöt ömmer richteg aus. Sie wöllen op ke Fall bedauert gin, mais Sie wöllen virun Allem,richteg verstâne gin.

Bei dene famesen Centenairefeieren vun 1939 hun mir , diemôls zum Del nach Buewen, âwer schon eng Hand ugepâkt.Mir sin eis op jidden Fall wichteg vierkom an hun matgefeiert, oni am Fong ze wössen wât eis eigentlech gefehlt huet. Mir wâren zwar nöt reich âwer zefridden an hun eis fest, vil ze vil fest op eis Neutralitet verlôss.Onbewosst âwer guewen mir durch dös Feieren mat Patriotismus opgeputscht an schon kurz drop, we' et eis dreckeg ergung, huet grad döse Patriotismus eis gehollef vill Schwieregketen ze iwerwannen an den letzeburger Deckkapp so' richteg erauszeke'eren.

Wöll nöt spe'der we' den 1o Mai 194o an aller Fre' wör dös eis vilbesongen Neutralitet neischt me' wert. An Zeit vun 2 Stonnen hâten d'Preisen onst Land kasse'ert. Am Süden sin Zigdausende vun Letzeburger an d'Evakuation gângen.

Schon den 2 August 194o ass dien fre'eren Scho'lmeschter aus dem Hondsreck, Gustav Simon, als Gauleiter, mat senge Bonzen an schwârtzen S.S.Mordgesellen, an d'Direktionsgebei vun der Arbed agezun,wo' Sie systematesch d'Zentral vun engem Terrorregime agericht hun.

Dien gielen Verein wâr gefârt an gehâsst bei de Letzeburger, d'Spengelen mam Ro'de Lew vun 1939 krute mir vum Paltong gerass, d'Bereten, dât enzegt Steck wât mir hâten fir opzedin, krute mir vum Kapp gerappt an d'gölle Frâ guef ömgeworf.So' ass et ugâng.

We' âwer d'Letzeburger de' oni Regierung eleng hei so'tzen an nôdem de mescht aus der Evakuation eröm wâren, sech vum eschte Schreck erholl hâten, hun Sie ugefâng ze reage'eren.Enzel an a Gruppen hun Sie sech getraff an sech berôden, we' Sie dem Okkupant könnte schueden an Widderstand läschten. Eng vun dösen Gruppen bekannt önner dem Num L.R.L. (Letzeb.Ro'de Lew ) huet schon de 15 Januar 1941, hei ganz nô bei, zu Uewerkescheng, eng Resistenz organisation gegrönnt, de' zeitweileg mat iwer 4ooo Aktiven geschafft huet.Wöll mir just hei am Capellener Kanton sin an mir mat döser Organisation de' beschten Kontakter hun, zite'eren ech grad Sie stellvertriedend fir nach vill âner.

De' escht be's Ne'erlâg, konnten dös Organisationen dem Gauleiter beibrengen am Oktober 1941, bei engem als Volkszählung, camufle'erten Referendum. Sie hun âwer och allie'ert Krichsgefângen

mam Parachute eròfgesprongen Flieger, sowe' och politisch Flüchtlengen verstoppt an iwer d'Grenzen gefe'ert. Mat Flugblieder, hun Sie d'Moral vun der Population ömmer eröm gestierkt.

An der Zwöschenzeit war den R.A.D. fir de' letzeburger Jonge a Mederchen obligatoresch gin.

Als schwârzen Dâg get dann âwer den 3o August 1942, an d'Letzeburger Geschicht an.Dât war dien Dâg wo' de Simon an der Ausstellungshâl um Lampertsbierg,d'Wehrpflicht fir d'Jôergèng 192o bis 24 proklame'ert huet.Spe'der huet hien ach nach op d'Klasse 25-26 an 27 zreckgegraff.

E Sturem ass hei zu Letzeburg lassgebrach an we' e Mann,huet d'Ganzt Vollek sech hanner dös betraffen Jugend, hanner hier Jongen gestallt. E spontane Streick ass ausgebrach an huet sech ausgebret , am Norden,am Süden, am Westen an am Osten. Speziel och hei am Capellener Kanton hun d'Baueren hier Möllech an d'Regoule geschott aus Protest!

Grausam hun d'Nazien reage'ert.Sie hun d'Standgericht étable'ert a schon 2 Deg me spet, hun Sie ugefäng op bludegro'den Plakaten, d'Nim vun 21 Patrioten, de' Sie standrechtlech erschoss hâten, Ze publze'eren.D'Prisongen an d'K.Z.er hun sech ge gefällt.

Den 18 November 42 hun de' escht puer Dausend Jongen, önner Polizeischutz,de' preisech Kaseren kenne gele'ert.Vill vun denen de aberuff waren hun um Appel gefehlt. Vun dösem Moment un, konnten eis Resistenzorganisationen,de' jo âwer bis elo schon eng Partie Erfahrung gesammelt hâten an och Kontakter zum Ausland hâten, voll actif gin. Begröffer we' Bunker- Galerie - Keller - Speicher - heknapp oder Dâchlicht- wâren op emôl gesicht Artikelen. Passeuren hun dodurch, dass Sie d'Jongen iwer hemlech Pied, iwer d'Grenzen gefe'ert hun, dösen d'Meglechket gin, fir am auslännischen Maquis oder an den allie'erten Arme'en, mat fir d'Liberation vun eisem Land ze höllefen.

Nöt selten waren Jongen an Familjen verstoppt, wo,'den egene Jong an der Front ausgehâl huet.Et guef och Fäll ,wo' den egene Jong gefall war an dös Elteren spontan, friem Jongen verstoppt hun.

Als Folleg vun dösen Désertio'nen hun d'Nazien d'Sippenhaft agefe'ert an weit iwer 1ooo Familjen hun durch dös Mesuren d'Oemsiedlung mussen iwer sech ergôen lôssen. All dös Leit, âwer och de' Jongen de' dien batteren We' gâng sin, guewen aus der Hemecht önnerstötzt,physisch a moralesch, sief dât nun durch Päck oder Bref oder soss eppes. An der Hemecht ass dât Onmeglechst meglech gemâch gin, fir de Jongen ze höllefen

an an der Friemd hun d'Jongen alles geaffert fir d'Hemecht.
Alleng d'Organisation vum Ravitaillement vun all denen de' an der Illégalitet geliewt hun, wâr eng Meschterleschtung.Op dös Mane'er konnten op d'manst 35oo Jongen vun 12ooo de' betraff waren, de Krich iwerliewen,ömmerhin 34%.

Leider war de Bilan mat 35oo Gefâlen a Vermössten nach vill ze hech,nöt ze vergiessen 15oo Blesse'ert an Invaliden de' un dösem Kreitz schwe'er ze drôen hun.an hâten.

Wann mir schon vun 35oo Gefâlen schwätzen,därfen mir nöt vergiessen, dass op dös Jongen ,35oo Mammen ömsoss gewârt hun. Gott alleng we'ss,we'vill Trenen dös Mammen gekrasch hun an we'vill vun hinnen, durch Herzeled, fre'zeiteg an d'Grâw gângen sin.Den demographischen an oekonomeschen Aspekt, dass 35oo Jongen keng Famil konnten grönnen,wierkt sech och haut nach zum Del aus, durch eng iwerdurchschnöttlech Iwerfriemung op eisem Arbechtsmârt an dret leschten Ends an dösem Moment derzo' bei den Friemenhâss ze beaflossen.

De' âwer, de d'Chance hâten einigermôssen ze iweliewen, hun so bâl eröm dohem et als hier Flicht empfond, sech mat all den âner drun ze gin an eist Land eröm opzebauen,dât jo awer zu engem gud den Dröttel zerste'ert war.

An so' eng Solidaritet,so' en Zesummestôen an Zesummenhâlen, dât op dös Mane'er am Krich entstân ass,bleiwet fir eis de' schensten Erönnerung,vun dem villen Be'sen an dem weneg Gudden' dât mir an der schwe'rer Zeit erliewt hun.An et war grad dös Erausfuerderung,de' d'Letzeburger so'richteg zu enger Nation zesummegeschwesst huet. Do huet eist Vollek seng Identitet oder seng Se'l font.

Leider bestin nach Spannungen an eisen Relationen zur B.R.D. de' als legitimen Ierwen vum 3 Reich,sech mat enger gewössen Arroganz, hanner den Moratoire vun Londen verschanzt an dös Trgödie nöt als Naziverbriechen unerkennt. Wann mir och hei Justice verlângen, ass dât nöt ze verwiesselen mat Revanche.

Mir hun eng Mission,e Message dien doran bestet,d'Wo'recht an Tatsâchen festzehâlen an weiderzevermöttelen. Döse Message rîcht sech virun Allem un de'Generationen de' nô eis kommen. Sie sollen d'Vergângenhet kenne le'eren fir können eng e'erlech Zukunft opzebauen.Sie solle wössen dass hier Pappen oder Gro's-pappen, E.d.F. oder Resitenzler,jidderen op senger Plâtz,sein Mann gestallt huet,och wann dât hei oder do konteste'ert ass.

An dât ass den Zweck vun so' Plâtzen, Plaquen, Gedenksteng oder Monumanter.Sie sollen stengen oder bronzen Zeihen bleiwen an iwer Jôrhonnerten erönneren:engerseits un en barbarescht

5

Verbriechen,dât gent all Völkerrecht un engem klengen Land begânge guef, âwer ânerseits un dât Gudd am Mönsch, wât zum Durchbroch könnt wann dös Mönschen zesummen an No't sin.

An eso' gesin wöllen mir och den 15o Anniversaire vun eiser Onofhängegket begôen an ruffen : Vive d'Freihet,vive Letzeburg vive eis Dynastie.

A mat döse puer Gedanken, mengen ech, hätten mir all zesummen eng berechtegt Ursâch, fir den 15o Anniversaire vun eiser - Onofhängegket - eng Onofhängegket de' eis wirklech nöt an de Scho'ss gefall ass - ze begôen an mir rufen: Vive d'Freihet, Vive Letzeburg an vive eis Dynastie.

Land